

Bernd Gombold

Natur pur

(Natur pur)

*Eng originell Invitatioun op eng Gebuertsdagsparty
mat villen Iwwerraschungen, déi net virgesi waren*

*Aus dem Däitschen op Lëtzebuergesch adaptéiert vum
ROBY ZENNER*

E 901

Bestëmmunge fir d' Opféierungsrecht

D' Recht fir di eemoleg Opféierung vun dësem Stéck kritt een duerch de Kaf vun de Bicher, wéi de Verlag se virschreift an duerch d'Bezuele vun enger Taxe. Fir all Widderhuelung bzw. weider Opféierung vum Stéck muss virun der Opféierung eng Taxe, déi vum Verlag festgesat gëtt, un den Deutschen Theaterverlag, Grabengasse 5, D-69469 Weinheim/Bergstraße bezuelt ginn, deen dann d' Autorisatioun fir d' Opféierung gëtt. Di Taxe bedréit 10% vun alle Recetten bei enger Mindesttaxe, déi beim Verlag unzufroen ass. Dës Bestëmmunge gëllen och fir Manifestatiounen fir e gudden Zweck an Opféierungen a geschlossene Gesellschaften ouni Recetten.

Onerlaabt Opféierungen, onerlaabt Ofschreiwen, Vervielfältegen oder Verléine vun de Rolle mussen als Verstouss géint d' Recht vun den droits d' auteur verfollegt ginn. De Bühne géintiwuer als Handschrëft gedréckt.

All Rechter, och déi vun der Iwwersetzung, der Verfilmung, dem Iwwerdroen am Radio an an der Televisioun si virbehalen.

D' Recht fir d' Opféierung gëtt ausschliesslech den Deutschen Theaterverlag, Grabengasse 5, D-69469 Weinheim/Bergstraße.

Fir di eemoleg Opféierung vun dësem Stéck ass de Kaf vun 12 Textbicher an d' Bezuele vun enger Taxe virgeschriwwen. Zousätzlech Textbicher kënnen zum Katalogspräis no bestallt ginn.

Zum Inhalt

Där nach rëschteger Boma Maria liicht et net an, hire 75. Gebuertsdag hirem Alter no doheem oder an engem Restaurant ze feieren. Villméi lued se hier "Firma" an hiren alen Holzchalet matzen am Bësch an, an deem se fréier ëmmer wonnerschéi Vakanze mat hire Kanner verbruecht huet. Hier Kanner, déi an der Tëschenzäit erwuesse gi sinn, déi net ganz einfacher sinn an déi virun allem ënnert sech zerstridde sinn, kommen där Invitatioun op

d'Gebuertsdagsfeier am Bësch nëmme staark géint hire Wëllen no a scheien sech net, hiren Onmutter doriwwer "ongeschminkt" zum Ausdrock ze bréngen. De Jong Rudi, en agefleeschte Jonggesell, wier dach awer léiwer gutt iessen an drénke gaangen. Där knéckeger Duechter Marthe ass di Party am Bësch vill ze opwenneg an ze deier. An de Jong Eric gesäit sech schonn erëm deene bestännege Knouterie vum senger Fra Lydie ausgesat, déi sech am Bësch virun all nach esou klengem Liewewiesen eekelt a bestännege hiren Desinfektionspray benotzt. Wuel wéi e Fësch am Waasser fillt sech eenzeg an eleng hier Duechter Christine, dat der Boma hier Iddi vun der Party am Bësch "total cool" fënnt. D'Zesammentreffe beim Chalet am Bësch aart a Streidereien a Pickereien aus, wéi se ouni Erfolleg probéieren, en Zelt opzebauen. Wéi d'Boma Maria op eemol am Chalet e Beidel mat 50 000 Euro Boer Geld fënnt aus engem Abroch, wéi se all unhuelen schléit d'Gier no Sue bei hire Kanner lass. D'Situatioun spëtzt sech zou, am Laf vun der Handlung dauchen ëmmer weider Persounen op, déi e groussen Interessi un deem schwärze Sak weisen oder probéieren, onbedingt an de Chalet ze kommen vum mëlles Päiperlekssammler iwwert en almoudeche Bëschaarbechter bis hin zu enger Schreckschrauf vun Nordic-Walkerin an engem Immobilienhändler ouni Skrupelen, dee bal iwwer Läche geet ...

Acteuren: 6 Hären a 5 Dammen
Dauer: Eng 90 Minutten
Opféierungsrecht: Akaf vun 12 Textbicher an eng Taxe

Persounen:

Boma Maria: weess, wat se wëllt, huet e Sënn fir alles, och mat Hannergedanken; haart am Astiechen, ongeféier 75 Joer.

Eric: Jong vum Maria, guttmiddeg, steet ënnert der Fuchtel vun senger Fra; ongeféier 40-50 Joer.

Lydie: Fra vum Eric, iwwerzéckert, iwwerdriwweg groussaarteg, ganz beduecht op Anstand a Manéieren, Hygiène-Fanatikerin, schreckt ganz staark of; ongeféier 40-50 Joer.

Christine: deenen hiert Meedchen, nett, intelligent, schéin; ongeféier 20-30 Joer.

Max: Frënd vum Christine, Immobilienhändler, elegant gekleet, reng äusserlech modernt Aussinn, gutt Manéieren, awer schlechte Charakter, falsch, hannerlëscht, verschloen, skrupellos, nëmme op d'Suen aus; ongeféier 20-40 Joer.

Rudi: ale Jonggesell, Jong vun der Maria, almoudech Erscheinung, frech, awer gentil, ëmmer fir lessen an Drénken ze kréien, tuddelt; ongeféier 35-50 Joer.

Marthe: Duechter vun der Maria, net bestuet, apaart knéckeg, robust a grafft Optrieden, almoudech gekleet, almoudecht Äussert, steet awer mat béide Féiss fest um Buedem; ongeféier 50-55 Joer.

Willy Graas: fänt Päiperlecken, verdreemt, harmlos, zum Deel weess en sech net ze hëllef, tollpatscheg, schwächteg Statur, lieft nümme fir seng Insekten; ongeféier 60-75 Joer.

Metty Hummer: Bëschaarbechter, kräfteg Statur, ouni Usprech, plompt an einfacht Optrieden, robust; ongeféier 50 Joer.

Charlotte Kugener: Nordic-Walkerin, wat d'Sportkleedung ubelaangt, opgedonnert, am Fong haasst et awer all sportlech Bewegung, wa méiglech e bösse korpulent, naiv; ongeféier 30-40 Joer.

Tom: op den éischte Bléck e komesche Vull, zweifelhaft Äussert, stellt sech awer als guttmiddeg an häerzlech eraus; ongeféier 20-40 Joer.

Bühnebild:

D'Handlung spillt op enger fräier Plaz am Bësch. Riets en einfachen hëlzene Chalet mat Dier a Fënster an eventuell enger klenger Veranda. Beim Chalet e klengt Faass fir de Reen opzefänken.

De Buedem vun der Bühn ka mat e bösse Mulch, klengen Äscht asw. an e "perfekten" a stimmungsvolle Bëschbuedem verwandelt ginn.

Op der Bühn steet tëschent méi klengen Dänneren e rustikalen Dësch an eng Bänk an eventuell eng Plaz fir en oppent Feier (mee dat muss net sinn). Vum zweeten Akt u muss op der Bühn en Zelt stoen - eventuell op enger eppes méi héijer Plattform an domat besser vun den Zuschauer ze gesinn; di eppes méi héich Plattform kann a Richtung Publikum mat Gréngs oder engem Koup Holz vir bäi "verstoppt" an domat relativ onopfälleg an d'Bild vun der Bühn integréiert ginn. Soss um Bord vun der Bühn an am Hannergrond Planzen, Bësch a Straicher.

1. Akt

Lydie:

(kënn vun hanne lénks, opgedonnert, mat enger Schminkvalise, bleibt andauernd mat de Féiss um Buedem hänken)

Dat ass awer wuel dat Lescht! Typesch fir deng Mamm! Wéi kann een nëmme op di hirverbrannt Iddi kommen, fir de 75. Gebuertsdag an dësem Lach am Bësch ze feieren! *(néizt)*

Wat een sech hei baussen net alles un Ongesondem huele kann ...

(erféiert bestänneg, wann et zoufälleg op en Aascht trëppelt)

Eric:

(vollbeluede mat Poschen, versicht ze berouegen)

Ma Lydie, et ass nun emol hire Wonsch, fir wéi fréier an eisem ale Chalet ze feieren. Hei hu mer schliisslech an eiser Kandheet all Weekend mat eisen Eltere verbruecht.

Lydie:

Dat kanns de mat all denge Gesëchter allerdéngs net leegnen, dass dir am Bësch op de Beem grouss gi sidd. Mech

schuddert et elo schonn, wann ech nëmme un d'Brudder an un deng Schwëster denken! Gudden Nuecht Manéieren, kann ech do nümme soen! D'Neanderthaler hate ganz sécher méi Manéieren am Behuele wéi deng Schwëster!

Christine:

Ma Mamma, geséi dach net ëmmer alles direkt esou negativ. Vläch gëtt et jo ganz witzeg.

Lydie:

Witzeg? A wat der Däiwel fënns du hei witzeg? Andauernd kënnst een un d'Falen, an dann nach dat Gedéiesch! Einfach eekleg!

Eric:

(imitéiert d'Lydie op Schong mat héijen Talleken)

Ech hunn der jo direkt gesot, datt Schong mat héijen Talleken näischt fir an de Bësch sinn. Komm, Lydie, do dach deng Schong och aus an da geess de op de baarbesse Féiss, dat deet bestëmmt gutt.

Lydie:

(schaarf)

Léiss de deng Schong wuel un! Weess der Däiwel, wat fir eng Krankheeten datt een hei oprafe kann, wann dat Véi ee bässt oder pickt!

Christine:

Quatsch!

(deet seng Schong aus)

De Pappa an seng Gesëchter sinn an hirer ganzer Kandheet op de baarbesse Féiss gaangen a liewen ëmmer nach. Du kanns awer och wierklech iwwerdreiw, Mamma!

Eric:

(virsichteg)

Däerf ech, Lydie? Ech hu mer och haut de Muerge d'Féiss gewäsch.

Lydie:

(beleidegt)

Mengetwegen! Dann huet iech dach d'Malaria! Mee hei ass de Spray fir ze desinfizéieren! Domat sprëtzt dir iech d'Féiss an! Sécher ass sécher!

Christine:

Sief dach net esou klenglech! Mir sinn dach net am Dschungel, mee an engem ganz normale Stéck Bësch ouni Tigeren, Bieren, Léiwen a Kobraen!

Lydie:

Ech hunn elo kuerz an der ...Revue... gelies, datt eng Fra, déi op de baarbesse Féiss gaangen ass, am Bësch vun enger gëfteger Schlaang gebass ginn ass an op der Plaz gestuerwen ass hei an eise Géigenden. D'Natur ass onberechenbar a schléit zeréck!

(sträift mam Réck en Aascht a stéisst e Kreesch aus, ängstlech)

Wat war dat?

Christine:

Elo hal awer op. Wat gëtt et da fir eppes méi Natierlech wéi Natur pur!

(leet sech op de Réck op de Buedem a streckt Äerm a Bee vun sech)

Einfach herrlech!

Eric:

Fannen ech och!

(wëllt sech eng Zigarette ufänken)

Lydie:

(schléit ëm op d'Fangeren)

Eric! Du solls net fëmmen. Wéi dacks hunn ech dir dat scho gesot! An du stees direkt op, Christine!

Eric:

Mee Lydie, net emol an der Vakanz?

Lydie:

Vakanz nenns du dat? Dat ass keng Vakanz, mee eng Spannerei vun denger Mamm! Barbarei ouni Niveau nennen ech esou eppes wéi an där verréckter Dschungelshow op der Televisioun! Einfach ofstoussend! Aner Fraen an hirem Alter feieren hire Gebuertsdag an engem gepflegte Restaurant! An si verlaangt vun eis, datt mir hei wéi d'Afe feiere sollen! Et feelt nëmmen nach, datt mer vun engem Aascht op deem aneren turnen an eis een deem aneren no Lais ënnersichen.

Eric:

(kraazt sechum Kapp)

Wann s du grad dervu schwätz kinns de mol nokucken?

Mech bäisst et esou ...

Lydie:

(opbruecht)

Also wannechgelift! Ech sinn dach kee Schimpanse!

Christine:

(mécht d'Jäize vun engem Af no a kraazt sech ënnert den Äerm)

Uh, uh, uh ...

(laacht)

Ha, ha, ha, mécht dach Spaass, Mamma ...

Eric:

D'Fëmm verdreift awer d'Gedéiesch, Lydie ...

Lydie:

nnerstéi dech! Fëmm gesäit domm aus, et ass ongesond an et richt schlecht! Denk un deng Gesondheet a virun allem un deng Longen!

Eric:

Pah! Firwat sollen ausgerechent meng Longe méi laang liewe wéi ech? An ausserdeem: Wien éischter stierft, leeft méi laang an der Éiwegkeet.

(wëllt eng Zigarett ufänken)

Lydie:

(granzt e gëfteg un)

Eric! Géff di Zigaretten heihinner! Esou déck ass deng Liewensversicherung nun och erëm net, datt mer se elo schonn an Usproch sollten huelen!

(erféiert schonn erëm)

Mäi Gott, wat war dat da schonn erëm fir e Geräisch e wëllt Déier?

Christine:

(huet sech an der Täschenzäit eng Zigarett ugefaang)

Neen, Mamma, meng Fixspéin! Hei Pappi, zéi einfach emol e Strapp u menger!

Lydie:

(entsat)

Christine! Du fëmms? Ech ka mer net virstellen, datt dat dengem Max gefällt! Mat deem wäert ech haut nach mussen en eescht Wuert rieden, datt en der déi schlecht Gewunnecht ausdreift!

Christine:

Dat kanns de gär probéieren. Du wäers awer Pech hunn, well e kënnt nämlech guer net!

Lydie:

Wat gelift? Deen eenzege vun eiser Zuucht, deem ausser mir natierlech Anstand a Manéiere geléiert huet, kënnt net?

Christine:

Richteg!

(sauer)

Dat alles ass deem feinen Här nämlech ze primitiv.

Fläschebéier a Grillzoossissen am Plaz vu Schampes a Schnittercher sinn ënnert sengem gudden Numm! Bal wéi bei dir och!

(den Eric laacht sech an d'Fauscht)

Lydie:

Wat gëtt et hei ze laachen? De Max huet dach vollkomme recht! An de Fläschebéier an d'Grillzoossisse si jo net deem eigentleche Problem! Villméi geet et mer elo scho géint de Stréch, dee ganzen Nomëtteg mat denge Gesëschter mussen ze verbréngen. Deng Schwëster huet jo de Charme vun engem Cactus an däi Brudder d'Intelligenz vun enger Seejomes.

Eric:

(geloossen)

Do krabbelt iwweregens grad eng Seejomes un dengem Been erop ...

Lydie:

(jäizt, spréngt op d'Bänk)

Aaahh ... dann hëllef mer dach ... maach dach eppes ... huel se weg ... bréng se ëm ...

Eric:

(hëlt se weg)

Komm, aarmt Déierchen! Du hues eppes Besseres verdéngt ... kuck, dat doudegt Därelidéier hei ass bestëmmt éischter no dengem Geschmaach ...

Lydie:

(erféiert, klëmmt elo op den Dësch)

En doudegt Därelidéier? Wou? Eee, ruckelzeg!

(ugëeekelt)

Eric, huel dëse Kadaver hei weg, soss kommen ech ni méi erof ...

Eric:

(fir sech)

An deem Fall loosse mer d'Därelidéier leien, wou et ass!

(fänkt sech eng Zigarett un)

Hm, déi schmaacht ...

(bléist den Damp a Richtung Lydie)

Lydie:

(schaarf a verzweiwelt)

Eric! Wannechgelift, maach di Zigarett aus a bréng dat Véi hei weg!

(biedelt)

Ericchen, wannechgelift ...

Eric:

D'éischt d'Zigarett an dann d'Därelidéier! Ausserdeem brauch een et guer net wegzebréngen et ass jo scho bal ganz verfault.

Lydie:

Verfault? Eeeh! Dofir also dëse strenge Geroch! Pak et nëmmen net mat de blousen Hänn un!

(hëlt Gummishändschen aus senger Schminkvalise)

Hei, Gummis Händschen!

(sprayt mat Desinfektionsmüttelen)

Desinfiziert iech d'Hänn! Ech wosst et, hei hëlt een sech nach der Dout!

(hemst)

Gesitt der, scho geet et lass ... a wäit a breet keen Dokter an der Noperschaft ...

Christine:

Dat kënnt wuel éischer vun dengem Chemieskrom! Dat ass jo blöd, am Bësch Desinfektionsmüttelen ze sprutzen! Hëllef mer léiwer, dat doudegt Däreldeier ze begruennen, Mamma!

Lydie:

(energesch)

An net ëm alles an der Welt!

(trotzeg)

A wann ech dee ganzen Nomëtteg hei uewe bleiwe muss!

Eric:

Wat heescht hei Nomëtteg! Mir bleiwen dee ganze Weekend hei hei am Zelt, Lydie!

Lydie:

(außer sech)

Wat gelift? Am Zelt? Nëmmen iwwert meng Läich! Tëschent doudegen Däreldeieren a Seejomese kann een am Zelt wunnen, wee wëllt! Ech awer net!

Christine:

Mamma, du hues nach eppes an denger Déierewelt vergiess: D'Mouk ënnert denger Bänk!

(hëlt en Emer an eng Schëpp hannert dem Haus)

Lydie:

(eekelt sech nach méi)

Eric, entsuerg endlech dës eekelhafte Béischten ...

Eric:

(zitt un hirem laange Seideschal)

Ha, ha, da komm dach erof an hëllef mer, mäi Schaz, ha, ha, ha ...

(hatt wiert sech)

Rudi:

(kënnt vu riets hannen eran, mat Posche vollgepaakt)

E... Eric, léiss du grad d... däin Draach an d'Luucht?

Eric:

(freedeg)

Rudi, mäi Brudder! Wéi geet et dir? Scho laang net méi gesinn ...

(ëmäerbelt en)

Lydie:

Dëse Kärel, dee schlecht erzunn ass! Keng Manéieren! Kaum hei, a scho geet et lass!

Eric:

Wou bleift dir dann esou laang? Mir waarde schonn op iech!

Lydie:

(beleidegt)

Waarden op déi? Vu mir aus kënnen déi bleiwen, wou de Peffer wiisst!

Rudi:

E... ech hunn do hanne scho ge... geroch, datt dir misst do sinn.

Eric:

Wéi sou geroch?

Rudi:

P... Parfum an De... Desinfektionsmüttelen. D... dat muss d'Lydie sinn, d... duecht ech mir. Firwat stees du dann do uewen? A... ass d'Loft éieren do uewe be... besser wéi hei ënnen?

Lydie:

Pah! Mat dëser abscheilecher Liewerwurscht schwätzen ech kee Wuert!

Christine:

Gudde Moien, Monni Rudi, scho laang net méi gesinn.

(huet an der Tëschenzäit mat engem Bengel a mat engem Emer hantéiert an di Déiere weg bruecht)

Komm erof, Mamma! Di Déiere si fort.

Rudi:

Mee... Mee... Meedchen! Wat bass du awer esou grou... grouss ginn a ... a Gott sei Dank méi sch... schéi ... méi flott wéi deng Mamm.

Lydie:

Merci, Christine!

(klotert ëmständlech erof, gëfteg zum Rudi)

Wann de Schoussmippche schonn do ass, da kann seng Meeschteg jo net wäit sinn.

(billt en un wéi e Schoussmippchen)

Oder hues de dech éieren emol eleng ouni deng Mammi aus dem Haus getraut, léiwe Schwoer?

Rudi:

N... nëmmen ëmmer der Nu... Nues no an do, wou et am meeschte st... sté... sténkt, fannen ech jo d... dech, allerléifst Schwéiesch!

(hält sech d'Nues zou)

Christine:

Wou ass dann d'Boma, Monni Rudi?

Rudi:

S... si wëll nach eleng d'R... d'Rou am Bësch genéissen, ier et la... lass geet, huet se gesot ...

Lydie:

(ouni Versteesdemech)

Ier wat lassgeet?

Christine:

A wat schonn? Deen übleche Familljestress! Mir si jo scho matzen dran! Et wier schéin, wann dir iech emol géift zesumme rappen -wéinstens op der Boma hirem Gebuertsdag! Ech ginn hier entgéint.

(geet hanne riets eraus)

Marthe:

(vu lénks hannen, ass och esou vollbepaakt, rëselt de Kapp)

Nach keen Zelt opgebaut, nach näischt virbereet an nach kee Feier gemaach! Typesch fir meng liddereg Bridder! An di léif Madame huet erëm eng Kéier keng aner Suergen, wéi hier Schminkvalise spadséieren ze féieren!

(di zwee geheien sech gëfteg Blécker zou)

Eric:

Rudi, eriwwer ass et mat der Rou a mat der Erhuelung! Eis Schwëster huet de Kommando iwwerholl, wéi fréier. Moien, Marthe! Scho laang näischt méi héieren. Wéi geet et dir? Bass de an der Tëschenzäit bestuet?

Rudi:

Oh jee, eise Ko... Kommandant hë... hëlt souwisou keen!

Marthe:

(guer net frëndlech)

Bestueden? Fält mer net am Dram an.

(weist op d'Lydie an den Eric)

Ech brauch nëmmen iech zwee ze kucken dat schreckt of! An ausserdeem verbraucht esou e Mann dach nëmmen onnëtz Suen! A wann en dann emol an der Pensiou ass, verdéngt en näischt méi, verpolvert d' Erspuernesser an et muss een en och nach dee ganzen Dag erdroen! Neen, neen! Eleng geet et mir besser!

Rudi:

Ge... gesäis de, Marthe, duerfir wëll ech och näischt vun de F... Frae wëssen. Si kinn... kinnten nämlech alleguer esou sinn, wéi s du a wéi d'Ly... d'Lydie, ha, ha, ha ... Ni... ni... nimools géif ech eng Fra hue... huelen, bei där ech näi... näi... näischt ze soen hätt! Ha, ha, ha, sou wéi zu... zum Beispill den E... E... Eric ... ha, ha, ha ...

Lydie:

(zum Eric)

Ee Gléck, datt ech deng Gesëchter nach net kannt hunn, wéi ech mech fir dech entscheet hunn! Soss wiers du haut och nach Jonggesell!

Rudi:

E... Eric, hu... hues de wéinstens Béier hei? D... Deng Fra ass nëmmen am So... Soff ze erdroen a... a vun zwee Pro... Promille u richtig flott.

(den Eric hëlt aus enger Posch zwou Béierfläschen)

Lydie:

(offälleg)

Christine, kuck nëmmen, wéi däi Monni erëm ugedoen ass. Gott sei Dank, datt däi Max dat net muss gesinn et misst een sech jo schummen!

(hält an der Ried op)

Christine? A wou ass d'Kand dann? Mäi Gott, Eric, hoffentlech veriert et sech net an dëser Sahara ...

Rudi:

Et muss nëmmen d'Nu... d'Nues an de Wand halen an dem Gestank nogoen, da f... fënnt et seng Mamm.

Marthe:

(rëselt de Kapp a Richtung Rudi)

A wat dat sténkegt Material ubelaangt dofir gëtt et dach e Verméigen aus! An deen assesou blöd a schafft dagauss dagan, fir datt hatt sech kann abalsaméieren ...

Lydie:

(gëfteg zum Marthe)

Ech hunn ebe keng Loscht, am eegene Wouscht ze erstécken sou wéi s du! Du al Niewelkréi!

Eric:

Rudi, Marthe, Lydie! Halt dach emol ee fir allemol op, ze pisaken! Kënnst dir dann net emol eemol zesumme sinn, ouni ze streiden? Freet iech dach léiwer op e schéine Weekend!

Kommt, mer drénken en Humpen drop, datt mer eis erëmgesinn hunn.

Marthe:

(hëlt em d'Fläschen ewech)

Waaat? Nëmmen un d' Saufen denken! Dat kascht alles onnéideg Suen! Elo gëtt d' éischt emol geschafft! All Männer heihinner fir d' Zelt opzebauen! Awer zack-zack! *(paakt en Zelt aus, rullt et auserneen)*

Eric:

Mäi léiwe Jong, wat verbreet dat erëm eng Hektik! Dat huet sech am Laf vun de Jore keng Grëtz verännert!

Lydie:

Eric! Wann ech mat deenen zwee an een Zelt muss, da loossen ech mech scheeden!

Marthe:

Scheeden? Ha, a wee finanzéiert dir dann deng sténkeg Wässercher? Steech léiwer d' Staangen zesummen an hal de Bak!

(dréckt em d'Staange vum Zelt an de Grapp)

Dat wäers de hoffentlech kënnen, och wann s de soss näischt kanns!

Lydie:

(eescht)

Eric, ech ginn net an d' Zelt! A mat deem scho guer net! Ma da maach dach eppes!

Eric:

(berouegend)

Lydie, wann s de am Zelt läis, da bass de wéinstens virun de Seejomesse sécher. Wannechgelift, stiech d'Staangen zesummen ...

Rudi:

Du ka... kanns se jo virdrun des... desinfizéieren, ha, ha, ha ...

Lydie:

(verzweiwelt)

Mäi Gott, a wourop hunn ech mech nëmme mat dëser Clique agelooss ... dat entsprécht jo dem fräie Mëttelalter! *(hantéiert ëmständlech un de Staangen)*

Marthe:

(rëselt de Kapp, rässt em d'Staangen aus der Hand)

Gëff nëmmen heihinner, soss si mer jo mar nach net fäerdeg! Dann hal wéinstens d'Schnouer un, dat wäert jo hoffentlech net zevill verlaangt sinn!

(zum Eric an zum Rudi)

An dir zwee baut d' Staangen zesummen!

(di zwee krabbele mat vill Grommele bannen an d'Zelt, dat um Buedem läit an hantéieren dann onkontrolléiert hin an hier; iwwerdeems gëtt d' Marthe Uweisunge vu baussen; di ganz Szen verleeft chaotesch, well jiddereen an eng aner Richtung zitt; ëmmer erëm streckt ee vun deene béiden de Kapp eraus a gëtt säi Kommentar of)

Eric:

Di Staang do muss dach heihin, gesäis du dat dann net?

Rudi:

... ch ginn awer net dohin, d... do richt et no d... denger Fra ...

Marthe:

(kuckt an d'Zelt eran)

Dat ass dach d'Staang fir queesch, dir hutt awer och näischt am Kapp!

Eric:

Hal du dech eraus, Schwëster! Well en Zelt opzebauen, dat war ëmmer schonn d' Saach vun de Männer!

Rudi:

(streckt de Kapp eraus)

W... Wann s du mol géifs e Potto aschloen, da géif et méi ein... einfach goen, Marthe! Do... Do läit den H... Hummer.
(kraucht erëm an d'Zelt)

Lydie:

Mäi Gott! Gëtt dat dann haut nach eppes? Wéi konnt ech mech nëmmen heirop aloossen? Do sinn d'Afe jo nach méi ziviliséiert ...

Rudi:

(streckt de Kapp erëm eraus)

Ha... Hal dech eraus, Schw... Schwéiesch ...

Marthe:

(huet Hummer a Pottoen an der Hand)

Ech schloe scho mol deem hënneschte Potto an!
(schléit)

Eric:

(gëtt e Kreesch vun sech)

Aaahhhh ... dat war mäi Fouss, du blöd Kou ...
(krabbelt aus dem Zelt, humpelt a jéimert, hëlt mat engem Eemer Waasser beim Chalet aus dem Faass fir d'Reewaasser a killt domat säi Fouss)
Ahh, dat killt! Hues du Elefant dann net gemierkt, datt mäi Fouss drënner war ...

Marthe:

Du stells dech nach genau sou domm u wéi fréier. An dat ass fir den Elefant!
(trëppelt em op de Fouss, deem net blesséiert ass, hee jäizt)

Lydie:

Du bass dach selwer Schold! Wat muss du dech och ëmmer vun dësem Draach erëmkommandéiere loossen.

Eric:

Da riicht du dach d'Zelt op, wann s du ëmmer alles besser weess! Di blöd Schnouer kann all Idiot festhalen!

Lydie:

Pah! Un Idiotie feelt et hei bestëmmt net!
(dréckt beleidegt dem Marthe d'Snouer an de Grapp)
Dir kënnt mech mol! Wësst dir, wuer ech elo ginn? An en Hotel! Ech hunn et dach net néideg, hei wéi en Hottentott hausen ze mussen!
(mécht Parfum un sech)
A wee sënn ech dann!

Marthe:

Vu wéinst Hotel, du Kriddelschass! Ab mat dir an d'Zelt!
(schubst et esou, datt et mat engem Kreesch bannen an d'Zelt fält)
Elo gëtt opgebaut!

Rudi:

(streckt de Kapp eraus)

Io... Io mëffelt et hei wéi an engem P... Parfumsbuttek ...

Lydie:

Wann hei eppes mëffelt, dann du, Schwoer! Waasser kann een net nëmme gebrauche, fir Béier ze brauen, mee och fir sech ze wäschen!

Marthe:

(ongedëlleg)

Stiecht elo endlech di Staangen aneneen! Wéi laang dauert dat dann nach?

Rudi:

Ha... Hal di Schnouer méi st...stramm ...

Marthe:

Eric, hal du se un! Ech muss dësen zwee blanne Fiiss hëllefen!
(kraucht och bannen an d'Zelt)

Lydie:

Au, du Lëmmel knéis op mengem Been ... Eeeh, wat huet deem e Mondgeroch!

Rudi:

An d... du sëtzt op mengem Aarm ... Dat sténkt wéi e Ch... Chemiestank!

Marthe:

Sidd dir blöd? Di Staang hei passt dach net ...

(alleguer rieden se duercherneen; jidderee weess et besser a streckt ëmmer mol erëm de Kapp aus dem Zelt, fir säi Commentaire ofzeginn)

Boma:

(kënnt vu riets, gëtt vu kengem an uecht geholl, kuckt sech d'Szen un a rëselt de Kapp)

Rudi:

Aua, d... du hues mer d'St... d'Staang op de K... Kapp geschloen!
(néizt)

Lydie:

Eeeh, der Däiwel net nach! Néizt dee mir jo net matzen an d' Gesicht! Eric, wou ass de Spray fir ze desinfizéieren? Wee weess, wat fir eng Krankheeten dee mat sech ronderëm schleeft!

Eric:

Dat wäert schonn net esou schlëmm sinn ...

Marthe:

Maach dir beim Rudi ausnamsweis emol keng Suergen, léif Schwéiesch! Den Alkohol mécht bei deem all Keime futti!

Rudi:

K... Kuck emol, Sch... Schimmel un der Baatsch vum Z... Zelt!

Lydie:

Schimmel? Oh Gott! Dat kann déidlech sinn! Eric, den Desinfektiounsspray ...

Marthe:

Déidlech? Blödsinn! Ech hunn nach all Schimmel am Gebeessglas duerchernee gerouert a giess an ech liewen ëmmer nach! Du féiers dech awer erëm eng kéier op ...

Lydie:

An datalles nëmmen, well är Mamm dës idiotesch Iddi mat der Grillparty am Bësch hat! Aner Frae feieren am Restaurant oder am Café!

Eric:

Tommelt iech mol, ech muss mäi Fouss erëm ofkillen!

Marthe:

Restaurant? Sou wäit kënnt et nach! Puer Verschwendung vu Suen! Ech hunn hier jo proposéiert, e Kuch ze baken a Wirschtercher virzebereeden! Dann hätt ee kënnen doheem feieren! Dat wär ëmmer nach méi bëlleg wéi hei! Elo muss een onnëtz Benzin verpolveren an di ganz Saachen akafen! Awer neen, op mech héiert ee jo net!

Rudi:

ch ... ch hunn hier virgeschloen, op der Terrasse e F... Faass Béier opzemaachen. Da... Dat wär dach och ge... gemittlech ginn ...

Eric:

Dir denkt dach ëmmer nëmmen un är eegen Interessen! Schliisslech war et der Mamm hire Wonsch, hei ze feieren. Ech fannen dat richteg gutt!

Marthe:

Dat hues du hier dach bestëmmt ageriet, well s du ëmmer scho schaarf drop wars, deen Terrain hei ze ierwen! Gleef nëmmen net, dass du d' Grondstéck kriss!

Eric:

(riffert eran)

Dat ass jo de Combel! Du bass et jo, wat d'Strass net voll kritt! All Joer op Helleg Owend hëls du se dach nëmmen duerfir mat bei dech, datt vun eise Kadoe fir Chrëschttag fir d'Mamm och nach eppes fir dech wegfält!

Boma:

(rëselt de Kapp a wëllt de Chalet opspären; si mierkt awer, datt e guer net zougespaart ass; geet eran an de Chalet)

Marthe:

Wat fir eng Kadoe fir Chrëschttag? Mengs de di ofgelafe Parfumen a Sténkbomme vun dengem Häerzi?

Lydie:

Elo geet et awer duer! Zënter Jore fält dir näischt Besseres an, wéi aus der Kleedersammlung al Wollpulloveren eraus ze fëschchen, se opzezéien a vun der mëffeleger Woll Lännercher fir deng Mamm ze heekelen! Du solls dech schummen! A wa mer schonn derbäi sinn: Di Chèques-repas, di de Rudi senger Mamm ëmmer fir Chrëschttag schenkt, déi verfrësst en um Enn dach selwer!

Rudi:

(houscht dem Lydie Béier an d'Gesicht)

Pah! W... Wann d'Mamm net ëmmer no de F... Feierdeeg géif esou streng no dengem Pa... Parfum richen, hä... hätt ech se scho längst eemol fir z'iesse m... matgeholl.

Boma:

(kënnt vu riets aus dem Chalet mat engem schwaarze Beidel, klappt mat hirem Bengel géint de Chalet)

Déi Kéier hutt dir iech awer vu lauter Mëtschgiengewegkeet wierklech iwwerschloen!

(kuckt freedeg an de Beidel)

Et geschéien awer nach Zeechen a Wonner! Ass dat éiere mäi Gebuertsdayskado?

Marthe:

Ech hunn et jo gewosst, dass hier meng Lännercher gefalen!

Lydie:

(onsécher)

Eric, ... si freet sech!? Mengs du, mer hätten eis versinn an awer dee gudde Parfum fir se agepaakt ...?

Rudi:

Ma... Mamma, di Chèques-repas léise mer awer ze... zesummen an ...

Eric:

(skeptesch)

Mamm, wat ... wat hues de do?

Boma:

E schwaarze Beidel, e Beidel voller Suen! Gehéiert dat ... ieren engem vun iech? Do si richteg vill Suen dran!
(wéitscht mat engem Pak Suen)

Alleguer:

Suen?

(alleguer geheien se gireg Blécker op de Beidel)

Marthe:

Looss mech mol kucken, dee ... dee Beidel gesäit aus wéi mäin ...

Rudi:

Ma... Mamma, domat gi mir ga... ganz dacks iessen an dr... drénken ...

Lydie:

(gireg)

Eric, da so dach elo endlech, dass di Posch eis gehéiert!

Eric:

Mamm, weis emol, mir ... mir hunn nämlech genau esou e Beidel ...

Boma:

Moment! Nodeem dat Geld, sou wéi et ausgesäit, kengem vun iech gehéiert, ass et mäin Eegentum! Schliisslech hunn ech et a mengem Chalet fonnt. Ech si räich ...

(mécht de Beidel op, an alleguer kucken se gireg dran)

Marthe:

(fält hier ëm den Hals)

Mammi, häerzleche Gléckwonsch fir de Gebuertsdag, all Guddes an e laangt Liewen!

(kuckt gireg op d'Posch)

An denk drun, ech hu mech ëmmer ëm dech gekëmmert!

Eric:

(ëmäerbelt se)

Léif Mammichen, mir gratuléieren dir natierlech och vun Häerzen a wënschen dir all Léiwes a Guddes, mäi Lydie natierlech och!

(zitt hatt net douce dohinner, zischt)

Allez, dajee! Gratuléier hier!

Lydie:

(gekënschtelt iwwerdriwwen)

Du allerléifste Schwéiermamma ...

Rudi:

Da... Dat ass ge... gelunn ...

Lydie:

(rennt em onopfälleg an d'Been)

... wat eng wonnerbar Iddi, däi Gebuertsdag am Gréngen ze feieren. Am Restaurant ka schliisslech jidderee feieren! Du waars schonn ëmmer eppes Besonnesches.

Rudi:

Ma... Mammì, vergiess net, datt ech h... haut de Muerge fréi deen éischte w... war, deen dir gra... gratuléiert huet ...

Boma:

(verstaut de Beidel hannert hirem Réck)

Neen, Kanner, maacht iech nëmme keng falsch Hoffnungen! D'Sue louchen a mengem Chalet, an nach gehéiert de Chalet mir. Also gehéiert mir och d'Geld!

Eric:

Wou ... wou waren d'Suen?

Boma:

Am Uewen! Wéi ech e wollt ufänken, hunn ech de Beidel fonnt!

Lydie:

(mat Virwërf fir den Eric)

Du Topert! Mir waren dach di éischt, déi hei ukomm sinn! Firwat bass de net direkt an de Chalet gaang, fir d' Feier unzefänken? Dann hätte mir elo d'Suen!

Eric:

(kann et net gleewen)

Am Uewen?

Boma:

Dir gleeft mir et net? Da kommt mat mer, ech weisen iech et!

(alleguer riets eraus an de Chalet)

Christine:

(kënnst vun hanne riets, beonrouegt)

Ech fannen d' Boma néierens! Abee, si wäert schonn nach kommen. Elo ruffen ech emol bei mengem Stippchen un.

(tippt den Numero an den Handy)

Allo, Max, mäi Stippchen, hues du elo Zäit? Well d'Boma géif sech bestëmmt riseg freeën, wann s du awer komme géifs ... Wat heescht do "primitivt Wirschterchesfest"?

(zimlech sauer)

D'Boma huet eben eppes géint di fei Pinkel-Partyen mat Champes an Häppercher! Si wëll ganz einfach mat eis feieren an zwar hei am Bësch! ... Gelift? Du hues Besseres ze dinn, wéi mat menger mëller Famill am Bësch ze setzen an dech schläimeg mat der Boma ze ënnerhalen ... Du bass dach wierklech blöd! Entweder bass de mäi Frënd an du hues mech gär an du kënnst och, oder ... Hal nëmme op a braddel mech elo net schonn erëm voll mat iergendengem héichwichtige Termäin vum Notaire! So dach einfach, dass de keng Loscht hues a sabbel hei net rëm! ... So, weess de wat? Du mech och!

(hänkt an, veriergert)

Idiot! Wéi wann em ging en Zack aus der Kroun falen, fir just emol eng hallef Stonn laanscht ze kommen!

(op eemol stiermen se alleguer ausser der Boma aus dem Chalet, rennen d'Christine bal iwwer de Koup a verschwanne mat entspreichende Commentaires séier riets hannen am Bësch, et héiert een se nach eng Zäitchen)

Christine:

(verwonnert)

Wat ... wat ass dann elo lass? Zerschloen déi sech elo gläich, oder wat?

Boma:

(kënnst mat der Posch aus dem Chalet)

Ha, ha, keng Suerg, mäi Kand.

Christine:

(verwonnert)

Boma, du bass jo schonn hei! Ech hunn dech gesicht! Häerzlech Gléckwënsch, ech wënschen dir all Léiwes a Guddes!

(ëmäerbelt se)

Boma:

Merci, mäi Kand. Bei dir ass dat wéinstens éierlech gemengt am Géigesaz zu deenen do!

Christine:

Wat ass eigentlech mat deene lass? Ech checken et eben net, Boma ...

Boma:

Awer ech a wéi! Am Chalet hunn ech di Täsch hei mat 50 000 Euro fonnt.

(weist him se)

Lauter Päck mat Schäiner vu 50 Euro. Kee Mënsch weess, wou di Suen hierkommen. A jidderee vun deenen ass schaarf drop.

Christine:

Mee firwat lafen se da fort?

Boma:

Ech hunn nëmme gesot, datt ech nom Weekend vu mengem Gebuertsdag decidéieren, wien d'Sue kritt. An dunn hunn ech bäileefeg ernimmt, datt di ganz Saache fir d'Fest nach am Auto sinn an dass datalles mir ze schwéier ass fir ze droen. Elo wëllen se wahrscheinlech Pluspunkte sammeln ... schäinhelleg Band!

Christine:

(rëselt de Kapp)

Ech begräifen et net! Mee wou kommen di Suen dann hier?

Boma:

Ech huelen un, vun engem Abroch. Bestëmmt huet den Abrieche kal Féiss kritt an d'Suen d'éischt emol hei am Bësch verstoppt. Deen huet bestëmmt net dermat gerechent, dass de Chalet dëse Weekend benotzt gëtt.

Christine:

Och wann et vun engem Abroch staamt ... du kanns dat Geld dach net einfach esou behalen ...

Boma:

Neen, dat ginn ech schéi brav bei der Polizei of. Awer nach net direkt, ha, ha, ha, ha, well d'éischt wëll ech gär dermat di ganz Band zur Raison bréngen.

Christine:

(nodenklech)

Mee Boma, wann dat wierklech geklaute Sue sinn, hoffentlech daucht dann net deejéinegen op, deen se gestuel huet ...

Boma:

Dorun hunn ech och scho geduecht. Duerfir musse mer virsiichtshalwer op Nummer sécher goen. Ech hunn och schonn eng Iddi. Verstoppe du de Beidel iergendwou hei am Bësch, wou keen en ausser dir fënnt. A verrot déi Plaz kengem, verstees de, kengem!

Christine:

O.K., Boma. Mee firwat?

Boma:

Ma éischtens wéinst dem Abriecher an zweetens wéinst eiser geldgireger Sippschaft! Et weess ee jo ni! Also, fort mat der. An ech wäert elo mol de Chalet an d'Rei bréngen. Do dra gesäit et aus, wéi wann d'Vandalen dra gehaust hätten. Dobäi hunn ech di leschte Kéier opgeräumt ...
(*geet riets an de Chalet*)

Christine:

(*iwverleet*)

Dat ass mir net ganz geheier. Wann den Abriecher wierklech sollt opdauchen ... Alle, ech schwätze mol mam Max.

(*tippt d'Nummer an den Handy*)

Max, kann een elo normal mat dir schwätzen? Ech muss dir eppes soen, wéinst menger Boma ... Wat soll dat dann? Wann s du meng Boma nach eng Kéier mat aler Schrullerger bezeechens, dann ass et definitiv aus téschent eis zwee! Lauschter mer elo mol ganz gutt no. D'Boma huet hei an eisem Chalet eng Posch mat 50 000 Euro fonnt ... neen, dat ass kee Witz! D'Boma huet net Alzheimer, ech hunn d'Sue mat eegenen Ae gesinn. Wat géifs du an eiser Plaz maachen? ... Keng Polizei aschalten? ... Ofwaarden, bis du hei bass? Du wëlls also awer kommen? Ech hu gemengt, du häss e wichtege Termäin beim Notaire! ... Sou, sou! Kuck emol hei, ganz kuerzfristeg ausgefall?

(*héiert vu riets lauter Stëmmen, déi méi no kommen*)

Sapristi, déi komme schonn erëm ...

(*geet lénks an de Bësch; iwwerdeems kommen s'alleguer vun hanne riets eran, jidderee rappt un de Gepäckstécker an un de Saache fir d'Fest*)

Marthe:

Ech hat der Mamm hier Posch als éischt an der Hand ...

Lydie:

Gëff heihinner, mir droen dat fir d' Boma!

Rudi:

S... Soss d... droen ech der M ... Mamm hiert Gepäck och ëmmer ...

Eric:

Weg mat de Fangeren! Ech sinn nämlech der Mamm hire Fiffi ...

Marthe:

Ha, datt ech net laachen! Eng Fläsch bass de an e Fäertaarsch derbäi! E Mann wéi en ageweichtent Mëllechbréitchen!

Lydie:

An du en Draach, dee Feier späizt ...

Rudi:

Sch... Schäinhelleg Band, s... soss këmmert dir iech och net ëm d'M... d'Mamm ...

Boma:

(*kënn aus dem Chalet*)

Schluss elo! D' Kannerstonn ass eriwwer! Et freet mech jo, dass dir iech alleguer esou ëm mäi Gepäck beméit, mee et gëtt nach esou vill virzebereede fir dat Fest! Rudi, Holz sammele fir d' Feier! Marthe, Äerdbiere plécke fir den Dessert sou wéi fréier! Eric a Lydie, dir zwee huet aus dem Schapp dohannen um Séi eist alt Ruderboot! Mol kucken, ween dee séierste vun iech ass!

Marthe:

Souvill Äerdbier kanns du guer net iessen, wéi ech dir der plécke wäert ...

(*séier no lénks eraus*)

Rudi:

D... Dat d... dréchenst Holz sichen ech fir dech, M...

Mammichen ...

(*geet riets eraus*)

Lydie:

Wourop waards de dann, du Eefalt! Héiers du dann net, wat deng Mamma gesot huet?

Eric:

Kloer dach, Mamma, an 10 Minutten ass d'Boot fäerdeg fir ze fueren ...

(*geet séier mam Lydie hanne lénks eraus*)

Lydie:

(*héiert een iwwert dem Erausgoen sech iergeren*)

Eeeh, dëst ekelegt Gedéiesch! Spannen, Käferen, Seejomessen ... ääh, der Däiwel net nach! Hätt deng Mamm an engem Restaurant gefeiert, da wier datalles net passéiert ...

Boma:

(*laacht*)

Geldgereg Band, iech wäert iech schonn nach a Bewegung halen. Ech muss mer nach e puer schéin Aarbechten ausdenken ...

(*geet an de Chalet*)

Willy:

(*kënn virsiichteg vu lénks*)

Herrgott namol! De Chalet ass besat! Verdammt, verdammt, wat maachen ech elo nëmmen? Wann déi derhanner kommen ... Mëscht! Soll ech einfach ragoen an ...? Léiwer net! Hoffentlech bleiwen déi net all ze laang hei ...

(*héiert d'Boma aus dem Chalet kommen, geet lénks eraus*)

Boma:

(*kënn aus dem Chalet*)

Huet do net elo grad ee geschwat?

(*kuckt ronderëm sech*)

Uhu, ass do een?

Rudi:

(*kënn mat zwee vermuuschten Äscht vu riets*)

M... Mammi, wéi versprach, ganz dréchent Ho... Holz. Dat brennt bestëmmt pri... prima.

Boma:

(*hëlt di zwéin Äscht a zergrimmelt se an der Hand*)

Dat nenns du dréchent Holz? Dat ass scho längst vermuuscht a brennt dach net méi! Bass du dann ze eefälleg, fir richtegt Holz fir Feier ze sammelen?

Rudi:

(*beleidegt*)

M... Mamm! So dat net méi zu m... mir! Wann s du dat n... nach eng Kéier zu mir s... sees, da p... plënneren ech vun dir fort!

Boma:

Du a plënneren? Ha, datt ech net laachen! Dat verspréchs du mir zënter 25 Joer a wunns ëmmer nach bei mir!

Rudi:

M... Mamm! Wann s du w... weider sou ge... gemeng mat mir bass, da sch... schlofen ech an Zukunft a mengem eegene B... Bett an net méi bei d... dir am d... dueble Bett!

Boma:

O Rudi, dat wär schéin! Dann hätt ech endlech mol Plaz a kinnt roueg schlofen! An däi Geronks misst ech mer och net méi unhéieren!

Rudi:

M... Mamm! Elo g... geet et duer! M... Mamm, m... maach nëmmen esou weider, da muss du an Zukunft o... owes eleng d'T... d'Televisioun kucken.

Boma:

Da kinnt ech endlech emol dat kucken, wat ech wëll dat wär och schéin!

Rudi:

M... Mamm, ech huelen elo frëscht Ho... Holz an da wëll ech esou eppes n... ni méi h... héieren, soss d... däerfs du ni méi meng W... Wäsch wäschen a st... strecken.

(dreet hier mam Fanger a geet séier riets eraus)

Boma:

(rëselt de Kapp)

O mei, wann en dach nëmmen endlech emol eng léif Fra géif fannen! Ech kann dach net éiweg fir e suergen ...

Christine:

(kënnst ängschtlech vu lénks)

Boma, ech mengen, en ass schonn hei ...

Boma:

Wien?

Christine:

(pëspert)

Den Abrieche.

Boma:

Wéi kënns du dann dorop?

Christine:

Do schläicht een am Bësch ronderëm a rifft di ganzen Zäit: "Ech kréien dech, du schwaarze Beidel."

Boma:

Jo an?

Christine:

Boma, iwwerlee dach emol! Woura sinn dann d' Suen?

Boma:

(erféiert)

Oh je, an engem ... schwaarze Beidel!

Christine:

(panesch)

Boma, dee kënnt heihinner! Wat solle mer nëmme maachen?

Boma:

Eran an de Chalet! Verstoppen!

Christine:

Quatsch! Do sicht en dach fir d'éischt! Wou sinn di aner dann nëmmen?

Boma:

Oh jee! Déi hunn ech dommerweis fort geschéckt, fir ze schaffen!

Willy:

(et héiert een en aus dem Hannergrond)

Gläich hunn ech dech, du schwaarze Beidel!

Christine:

(panesch)

Séier fort vun hei!

Boma:

Ze spéit! Mir krauchen ënner d'Baatsch vum Zelt a leeën eis ouni ze réieren ganz flaach op de Buedem do geet keen eis sichen!

(di zwee krauchen ënner d'Baatsch vum Zelt a leeën sech flaach op de Buedem)

Willy:

(kënnst vu lénks eran, mat engem Netz un enger Staang, fir Päiperleken ze fänken)

Du entkënns mer net, du schwaarze Beidel! Wéi laang sinn ech schonn hannert dir hier, du wäertvollt Stéck!

(flüstert)

Jo, sëtzt dech nëmmen, dann hunn ech dech ...

(stierzt sech op eemol laanggestreckt op d'Baatsch vum Zelt)

Elo oder ni ...

Boma:

Aaahhh ...

(probéiert, iwwert dem Jäizen ënnert der Baatsch eraus ze krauchen)

Hëllef, den Abrieche, dee wëll eis un de Pelz ...

Christine:

(grad esou)

Oh Gott ... Pappa, Monni Rudi, Hëllef, dee wëll d'Suen ...

Eric:

(kënnst vu lénks mat deenen aneren)

Séier, mir pëtzen eis dee Kärel!

(all ginn se op e lass a schleefen e weg)

Rudi:

(kënnst vu riets eran, wëll op de Willy lass goen)

D'F... D' Fangere weg vu menger M... Mamma!

Lydie:

(schaarf)

Eric! Dee wollt eiser Duechter un d' Wäsch! Weis dach endlech emol, dass du e Mann bass rett d' Eier vun eiser Duechter!

Marthe:

An de Séi mat deem Verbrieche ...

Willy:

(ziddert vun Angscht)

Neen ... neen ... neen , wannechgelift net ...

Marthe:

Dréint en awer fir d'éischt op de Kapp, vläicht huet en nach Suen an der Täsch ...

(si halen e mam Kapp no ënne fest)

RIDDO

2. Akt

(d'Zelt ass an der Tëschenzäit opgebaut)

(De Willy ass op engem Stull gefesselt, de Mond mat engem Duch zougebonnen, en ziddert)

Marthe:

Pass nëmmen op! Aus engem Kriminelle wéi dir maache mir Fëschfudder!

Eric:

Wéi e Kriminelle gesäit dësen Hierk jo net grad aus.

Lydie:

Deet en dir éiere leed? En huet eis Duechter ugegraff an se an Angscht a Schrecke versat!

Rudi:

A... A meng M... Mammi och! A... Aarm Mammi ...

Marthe:

Esou schlëmm kann et guer net gewiescht sinn. Kuckt iech dach emol dee Kéipchen Elend un! Deen ziddert jo wi Espelaf!

Lydie:

Dat ass jo de Combell! Et huet nun eemol net jiddereen esou Nerve wéi eng Kreessee!

(schléit sech op d'Been)

Verdammte Mustiken! Iwwerall krabbelt et!

(hemst)

Hoffentlech iwwerdréit dat Véi net d' Malaria!

(sprayt erëm Desinfektiounsspray, niewelt dobäi de Willy an)

An hien hei schéngt dat Gedéiesch magesch unzezéien ...

Marthe:

Blödsinn! Et ass dach vill méi schlëmm, datt en hannert deem swaarze Beidel hier ass! Also ass en ouni Zweiwel den Abrieche! Wat maache mer elo?

Eric:

Komm, mer schloen em en Deal vir: D'Halschent vun de geklaute Sue fireis, a mir schäissen en net bei der Police un!

Willy:

(gëtt ëmmer erëm Téin vun sech, rëselt de Kapp)

Lydie:

D' Halschent?

(offälleg)

lesel! Typesch mäi Mann! Op d'mannst dräi Véierel vun de geklaute Sue musse fir eis dra sinn!

Rudi:

Op a... alle Fall e g... gutt lessen a vill fir ze drénke muss derbäi eraus sp... sprangen.

Marthe:

Wat siddir awer e Koup där hueler Käpp! Dee geheie mer an de Séi a mir huelen alles! Kuckt iech dach nëmmen dee Kéipchen Elend hei un, mat deem ginn ech nach eleng fäerdeg!

Eric:

An de Séi? Dat kënne mer dach net maachen.

Marthe:

Natierlech! Wat e geklaut huet deele mir da gerecht ënnert eis! 5000 fir iech zwee, 5000 fir d' Mamm an de Rescht fir mech!

Lydie:

Héiert iech emol di geldgereg Schlaang hei erëm un! Mat wat fir engem Recht wëlls du dir dee gréissten Undeel ënnert den Nol rappen? Deng Bridder kënne vläicht esou mëll sinn, fir dorop anzegoen, ech awer ganz sécher net!

Marthe:

Schliisslech hat ech déi Iddi, du Geess!

Rudi:

(protestéiert)

D'M... D'Mammi an ech, mir sinn awer zu z... zwee. Da musse mir jo dat D... Duebelt k... kréien!

(rechent mat de Fangeren)

An dat D... Duebelt vu 5000 ...

(denkt driwwer no, rífft da freedeg)

... d... dat sinn der 2500 fir j... jiddereen!

Marthe:

D'accord, Brudder, dat kanns de kréien!

Rudi:

(houfreg)

G... Gott sei Dank hunn ech am R... Rechnen an der Sch... Schoul opgepasst ...

Eric:

Schumms du dech net, eise Rudi erëm wëllen iwwert d' Ouer ze haen? Dat hues du dach schonn ëmmer gemaach!

Marthe:

Wat hunn ech gemaach?

(et entsteet erëm en décke Sträit)

Lydie:

Net nëmmen de Rudi! Eis alleguer wëll et uschmieren! Et weess een dach och, wat et all Joer mat de Chrëschtkadoe vun ärer Mamm mécht!

Marthe:

Wann hei een de Rudi ugeschmiert huet, dann dir zwee!
D'Spuerbuch, dat eise verstuerwene Papp fir hien
opgemaach huet, hutt dir iech ënnert den Nol gerappt!

Rudi:

D... Dat stëmmt awer n... net ganz! Dat Sp... Spuerbuch
hunn ech erëm, et ass j... just näischt méi drop!

Lydie:

Eric! Dat musse mir eis nu wierklech net gefale loossen! Wier
dech, Eric, sief e Mann! Verdeedeg dach eis Éier!

*(si leien sech mat den Hänn an den Hoer mat
géigesäitege Beschëllegungen; de Willy, deen sech an der
Mëtt net wiere kann, kritt ëmmer erëm esou Schubser
mat)*

Boma:

(kënnst aus dem Chalet, klappt an d'Hänn)

Schluss mat deem Gestreits! Wéi al sidd dir eigentlech? Kann
ee mer erklären, wat dat soll? An hunn ech net daitlech
gesot, datt ech mer e friddleche Weekend fir mäi
Gebuertsdag wënschen? Déi di streide kréien nämlech net
een Cent vun de Suen!

(op eemol sinn se alleguer ganz friddlech)

Eric:

(klenglaut)

Ma Mamma, ech hu menger léiwer Schwëster Marthe dach
nëmmen op d'Schëller geklappt, well et ëmmer esou gutt
Iddien huet!

*(leet säin Aarm ëm dem Marthe seng Schëlleren, zitt
dobäi eng entspriechend Mine a mécht eng Fauscht)*

Marthe:

An ech hu menger léiwer Schwéiesch nëmme bestätegt, datt
et erëm esou e gudde Parfum un sech huet.

(heemlech zum Lydie)

Sténkbomm!

Rudi:

A... An ech hunn elo grad e g... gutt Geschäft gemaach,
Mamma, fir j... jidderee vun eis zwee dat D... Duebelt ...

Lydie:

(gekënschtelt)

O, meng allerléifst Schwéiermamm, hunn ech dir eigentlech
schonn eng Kéier gesot, wat fir eng intelligent an
oneegennëtzig Kanner dass du hues!

(granzt d'Marthe gëfteg un)

Du grailech Vulleschäich!

Boma:

Ma dann ass jo alles a beschter Uerdnung! An elo géif ech
gär vun deem do wëssen, wouhier en di geklaute Suen huet!

(mécht dat Duch virum Willy sengem Mond lass)

Wouhier kënnst dat, wat an där schwaarzer Posch ass?
Schwätzt!

Willy:

(japst d'éischt no Loft, ängschtlech)

Ech ... ech weess wierklech net, wat Dir ... wat Dir vu mir
wëllt!

Rudi:

T... Tuddel hei net erëm! R... Raus mat der Sp... Sprooch!

Boma:

Maacht elo net, wéi wann Dir keng Ahnung hätt! Dir waart
dach wi wëll hannert deem schwaarze Beidel hier!

Willy:

Ech ... ech si jo schonn zënter Méint hannert ... hannert
deem schwaarze Beidel hier, an ech hätt e bal erwëscht,
wann Dir mech net op di brutalst Manéier iwverfall hätt!
(verzweiwelt)

Wat ... wat wëllt Dir vu mir? Ech ... ech hunn lech dach
näischt gedoen ...

Boma:

Schluss mat deem Gejéimers! Wou kënnst dee schwaarze
Beidel hier?

Willy:

E ... e kënnst ursprénglech aus dem Kaukasus, mee en ass
awer an der Tëschenzäit bei eis doheem ...

Rudi:

Kau... Kau... Kau... Kaukasus? Wou ... Wou ass dat dann?

Eric:

Dat läit direkt hannert ...

*(eventuell eng bekannte Stad oder e bekanntent Duerf an
der Géigend asetzen)*

Marthe:

Aus dem Kaukasus? Da stécht dee bestëmmt mat der
Russemafia ënnert enger Decken! Ech hunn et jo direkt
gesot: An de Séi mat em!

Lydie:

(heet ëm sech)

Wieren di eekleg Insekten hei dach nëmme bei der Däiwel!

Willy:

(erféiert)

Himmel!

(biedelt)

Neen, wannechgelift, schlot net no em! En huet nëmme e
grousse Wäert, wann en net beschiedegt ass! Net schloen!

Lydie:

(ouni Versteesdemech)

Wee soll ech net schloen?

Willy:

Dee schwaarze Beidel!

(opgereegt)

Do, elo ass en ënnert Ärem Rack ... wannechgelift, pëtzt Är
Been net zesummen, dat kinnt geféierlech fir e sinn, do ass
en nämlech elo, dee wäertvolle schwaarze Beidel ...

(D'Lydie zitt erféiert seng Been auserneen)

Marthe:

Dee schwaarze Beidel? Ënnert sengem Rack? Aha, dat
hannerléschtegt Louder! Iwwerdeems wou mir diskutéiert
hunn, huet hatt sech d' Täschen onopfälleg ënnert den Nol
gerappt an ënnert senge moudesche Fatze verstoppt!

Rudi:

(opbruecht)

Sch... Schwéiesch, dat ass awer eng Sch... Schwéngerei ...

Eric:

(ausser sech)

Lydie! Wéi kanns de dann nëmme!

Lydie:
(glotzt ouni Versteesdemech)
Wat ass lass? Ech verstinn absolut näischt an dësem Urwald!

Rudi:
Komm, mer k... kucken alt emol nom M... Marthe ...
(geet op et zou, wéi wann en et géif bedreeën)

Willy:
(biedelt)
Mee sidd wannechgelift virsiichteg ...

Lydie:
(aus der Fassung)
Eri ... Eric, wat ... wat wëllen déi vu mir! Kuck nëmmen, wéi déi mech bekucken ... Eric ...
(klëmmt op d'Bänk)
Paakt mech nëmmen net un ...

Marthe:
(ëmklammert vun hannen seng Äerm an säin Uewerkierper)
Rudi, kontrolléier an huel em de Beidel erëm of!

Rudi:
A ... Awer hal et g ... gutt fest!
(kuckt em ënnert de Rack)

Lydie:
(wiert sech am Ufank dergéint, mee et gesäit een, datt et et lues a lues genéisst)
Hëllef ... oh ... abee gutt, wann et dann onbedéngt muss sinn ... Eric, dat hues du scho laang net méi gemaach ...

Rudi:
D... Do si keng S... Suen, nëmmen esou en ee... eeklege sch... schwaarze Päiperlek uewen um B... Been.

(D'Marthe léisst et erëm lass)

Willy:
(opgereegt)
Haalt en un ...

Lydie:
(kann sech vu Schreck net méi bewegen)
E... E... E Päi ... E Päiperlek uewen op mengem Been ...

(gëtt e Kreesch vun sech, spréngt voller Eekel op den Dësch an deet do nach méi Kreesch)
Eeeeeeriiiiic ...

Willy:
(konnt sech an der Tëschenzäit vun de Fessele lass maachen, spréngt bei d'Lydie)
Net bewegen, gläich hunn ech dech, du léiwe Päiperlek ...
(gräift dem Lydie ënnert de Rack)

Lydie:
(jäizt d'éischt, awer da frëndlech a mat engem süffisante Laachen am Gesicht)
O Gott, a wat mécht deen dann ...

Eric:
(paakt de Willy a stéisst en net lues op d'Säit)
He! Net méi ganz bei Trouuscht, oder wat?

Willy:
(um Buedem mat der Moral)
Dir Banaus! Nëmmen 10 Zentimeter hu meng Hand vum Gléck getrennt. Bal hätt ech e gehat ... an elo flitt en erëm fort, a wee weess, wéini ech en di nächste Kéier gesinn, mä léiwe schwaarze Beidel ...

(mat krëscherecher Mine)

Boma:
(laacht häerzhaft)
Ha, ha, Äre schwaarze Beidel ass also e ... ha, ha ...

Willy:
(den Tréinen no)
... e ganz rare klenge Päiperlek, deen nach a menger Sammlung feelt ... an elo flitt e fort ... an all Himmelsrichtungen ... an dobäi hätt ech nëmme bräichten zouzepräifen ...
(botzt sech d'Nues a säin Nueschnappech)
Mee en ass wéinstens net vun dëse mächtege Strempelen erdréckt ginn ...

Lydie:
(béckt sech vum Dësch erof a facht dem Willy eng op de Bak oder rennt e mam Fouss)
Wat erlaabt Dir lech? Vu Schreck stierwen ech dausendmol, an Är eenzeg Suerg gëllt dësem eeklege Béischt! An ausserdeem hunn ech keng mächteg Strempelen!

Rudi:
M... Mächteg net, awer fett! K... Komm léiwer erëm r... rof, soss muss di Sp... Spann op denger B... Blouse esou e laange Fuedem bis op de B... Buedem spannen ...

Lydie:
Spann? Eeeee ...
(klëmmt vum Dësch erof a rëselt seng Blouse aus)
Ass se ... ass se fort ... Eric ... kuck dach mol a stéi net do wéi eng gipse Statue ...

Eric:
(generft)
Jo! Si ass fort! Stell dech dach net ëmmer esou!

Lydie:
(verdeelt erëm Spray)
Di mäerderesch Béischten hei bréngen een nach ëm! Wat muss deng Mamm och an dësem Urwald feieren!
(néizt)

Marthe:
(denkt no)
Dann huet dee jo guer näischt mat deene Suen ze doen! An dobäi wollt ech en souguer an de Séi geheien ...

Boma:
Verzeit eis wannechgelift mir haten et mat engem Iertum ze dinn. Wéi kënne mer dat erëm gutt maachen?

Willy:
Vläicht kënnt Dir mir jo hëllef, de schwaarze Beidel ze fannen. En ass bestëmmt nach ganz an der Noperschaft.

Marthe:
Also lass! D'Méckebaatschen heihinner, da maache mer dee Flattermännche platt!

Willy:
(erféiert)
Neen, neen! Dach net esou! Wann Dir e gesitt, da rufft Der mech einfach ganz haart, datt ech e selwer fänke kann. Ech ... ech verloossen dëse Bësch net, ier ech e fonnt hunn.

Boma:
Dat däreft Der ganz gär. Fir eise Feeler erëm eng Grimmelche riicht ze béien, sidd Dir nämlech fir dëse Weekend eise Gaascht hei am Chalet.

Rudi:
(*protestéiert*)
A... Awer z'iesse kritt deen n... näischt!

Boma:
Wourop waart der? Allez, mer sichen dee schwaarze Beidel!

(*ënnerhält sech lues mam Willy*)

Lydie:
Ah neen. Keng zwielef Päerd brénge mech derzou, un der Sich vun deem Raubdéier deelzehuelen, no all deem, wat passéiert ass. Ech ... ech brauch e bèsse Rou a muss mech leeën! Eric, ass dat Zelt och esou dicht, datt di gräisslech Awunner hei am Urwald net rakrabbe kënnen? An hues d'et och genuch desinfizéiert a Mëttele géint di schiedlech Béischte gestreet?

Eric:
(*generft*)
Jo, jo!
(*e bèsse méi lues*)
Sou vill, datt et vläicht och bei dir wierkt!

Willy:
Di Invitatioun ass wierklech ganz léif vun Iech, vläicht kommen ech drop zeréck. Mee kuckt elo wannechgelift genau, wou Der hintrëppelt. E kann iwwerall sinn.
(*geet lénks eraus*)
Wou bass de dann nëmme, mäi léiwe schwaarze Beidel?

Lydie:
Eric, wou ass hei d'Toilette?

Eric:
Toilette?
(*schmunzelt*)
Probéier et dach emol hannert dem Chalet ...

Lydie:
Gott sei Dank gëtt et an dësem Dschungel weinstens eng Toilette ...

(*geet hannerun de Chalet; di aner ginn an all Richtungen*)

Eric:
Wéi kann een nëmme hannert esou engem blöde Päiperlek hier sinn ...
(*geet iwwert dem Sichen lénks eraus*)

Rudi:
Vläicht sch... schmaacht e frittéiert ganz gutt. Hee... Heesprénger kann ee jo och iessen.
(*rifft*)
Päi... Päiperlek, wou b... bass de? Wéi sch... schmaachs de ...
(*geet lénks eraus*)

Marthe:
Huet deen eigentlech keng aner Aarbecht wéi Päiperleken ze fänken? Vläicht gëtt en souguer nach vum Staat derfir bezuelt! Dat si jo d'Suen an den Dreck gehäit, et ass kengem ze soen!
(*rëfelt de Kapp a geet riets eraus*)

Boma:
Sou ass et richtig. Wann se eppes ze doen hunn, da streiden se weinstens net mateneen. Mee ech wëll mech scho selwer iwwerzeegen, ob se och wierklech alleguer sichen ...
(*geet hanne riets eraus*)

Metty:
(*kënnst virsiichteg lénks aus den Hecken*)
Endlech ass d'Loft reng. Hei geet et jo zou wéi an engem Dauweschlag. Wann ech net endlech dat Dénge aus dem Chalet huele kann, da kréien ech gewaltegen lenger!
(*wëllt bei de Chalet*)

Lydie:
(*rifft aus dem Hannergrond*)
Eric ... Eric!

Metty:
Mëscht, schonn erëm een! Dat ass dach fir ze ... ech platze bal!
(*séier erëm lénks eraus*)

Lydie:
(*vun hannen*)
Eric, ech gesinn néierens eng Toilette! Do ass nëmme esou en hélzenen Dill an dee richt ganz streng, en ass esou komesch brong an dorop krabbelen ekeleg Déieren, ... Eric? Hm, ech hu gemengt, ech hätt en elo grad nach héieren. Typesch, wann een e mol brauch, ass en net do ! An datalles nëmme weinst d'är Schwéiermamm an hirer idiotescher Iddi! Klass e 75. Gebuertsdag tëschtent Seejomesen, doudegen Däreldeieren, Fräschen, Spannen, an net emol eng Toilette!

Boma:
(*kënnst an der Tëschenzäit vun hanne riets*)
Hues de Problemer, Schnauer?

Lydie:
(*gekënschtelt*)
O neen, léif Schwéiermamma ! Wou denks de hin ... Ech hunn nëmme elo grad erëm eng Kéier festgestallt, wat s du dach gutt Iddien hues ...
(*pëtzt d'Been zesummen*)

Boma:
Feelt dir éieren eng Toilette?

Lydie:
Neen, neen, guer net!
(*laacht gezwongen*)
Et geet dach och dersonner ... et huet dach eppes fir sech, wann een esou ongezwongen ... einfach am Gréngen ... also du weess jo ...

Boma:
Ech wosst jo guer net, dass du esou mat der Natur verbonne bass. Op alle Fall vill Spaass derbäi! A pass awer op, datt d' Seejomesen dech iwwerdeems net an den Hënneschte pëtzen.
(*geet an de Chalet*)

Lydie:
(*mécht se no*)
"Vill Spaass derbäi", al Schlaang!
(*mécht en entspriedend Gesiicht*)
Na ja, da bleift mer wuel näischt anescht iwwereg.
(*hieft e Bengel op*)
Deen huelen ech mol zur Sécherheet géint d'Béischte mat ... eeehhh ...
(*léisst de Bengel séier falen*)
... eeehhh, der Däiweel net nach, do pecht jo e Schleck drun! Abscheilech! Wou ass den Eric dann nëmme?
(*hieft mat engem Duch virsiichteg ee méi grouse Bengel op, ënnersicht en*)
Deen ass weinstens net mat Déiere verseucht!
(*hält de Bengel als Drohung an d'Luucht*)